Rapport de la  réunion Commission jeunes du 8 juillet à 19hoo au centre sportif Boy Konen à Cessange

1. Approbation du rapport de la réunion du 10 juin
   Zu Punkt 4: wéi gesäit et aus mat der Fräistellung vum Marco fir de Wibbel an Dribbel? (De Florian krut hei nie eng Äntwert vun der Direktioun vum IFEN.)
   Zu Punkt 5: de Rich hëlt Kontakt op mat dem Marc Hermes fir d'Material.
   Zu Punkt 6: De Lex geet op d'Federatioun fir daat ze klären a kuckt och mat hinne fir d'Kleeder.

2. Rapport épreuves jeunes
   De Rich mécht e kuerze Rapport vun der Course zu Bartréng, hei ass näischt extra ze bemierken, an de Rapport gët ugehuel.
   Zum Bréif vun engem Papp betreffend d'Präisverdeelung bei der Millebaach: dëse Punkt gët an der nächster Versammlung, zesumme mat de Vertrieder vun de Veräiner de 16te September am Detail beschwat. Wichteg ass, dat all Kand emol iwwert de Mikro ernimmt gët an dat och zum Ofschloss eng gemeinsam Foto fir d'Visibilitéit an der Press gemat gët.
   (Réunioun fir den Opruff un d'Veräiner ass den 23.7 um 9 Auer bei der FSCL)

3. Autorisations départ à l'étranger /weekend double (deux disciplines différentes?)
   Et geet hei ëm de Fall, wou hei am Land eng Course organiséiert gëtt, an trotzdem eng Autorisatioun fir en Auslandstart (ugefrot vun engem Elterendeel, nët vum Veräin) ausgestallt gouf.

Fir esou Abus'en an Zukunft ze vermeiden, schreiwt eis Kommissioun e Bréif un den CA, deen de Richard dann am CA ka virbréngen an d'Positioun vun der Kommissioun verteidegen.

4. Devis chronométrage: présentation des devis par Marco Schmitz
   De Marco huet bei 4 verschiddene Firmen en Devis ugefrot, krut awer just 2 Äntwerten: Optin (L) an Ultratiming (B)
   Bedéngt duerch dee méi héije Stonneloun zu Lëtzebuerg, ass den Devis vun Optin bedeitend méi héich, wéi dee vun Ultratiming.
   D'Decisioun gët zesumme mat dem potentielle Sponsor gehuel.

5. Demande  pour tour guidé au "Wobierg" à Bissen le 1er août lors des activités de vacances
   Den CT Atertdall as prinzipiell bereet esou eng Aktivitéit ze leeden, allerdéngs mat engem finanziellen Ausgläich fir de Club.
   D'Suzie formuléiert deementspriechend eng Äntwert un d'Maison Relais.

6. Invitation comités championnat VTT
   De Romain Engels ass délégué adjoint op de "Jeunes" Coursen.

7. Adaptation nécessaire du règlement FSCL VTT concernant notamment la dimension des roues et la durée des épreuves
   De Christian Helmig wees Bescheed, d'UCI-Reglement priméiert souwisou an dësem Fall.

8. Message Whatsapp de M. Camille Dahm concernant la Journée nationale de la bicyclette
   Esou kuerzfristeg Ufroen (10 Deeg virun engem Event) mussen an Zukunft duerch eng besser Planung vermeide ginn.

9. Fächer: état des lieux
   Den Alex Magar mécht nach eng kleng Modifikatioun an da geet d'Saach an den Drock.

10. Exercice d'établissement d'un classement jeunes (Claude Magar)
    Ennert Leedung vum Claude gët gemeinsam e Resultat opgestallt

11. Divers
    Fir déi nächst Sitzung, de 16.9 um 19:00 um Stade Boy Konen, ginn d'Veräiner invitéiert fir d'Koordinatioun vun de Jugendcoursen.
    Fir d'Technikofzeechen ofzehalen freet de Pierre Elsen emol no, fir den Trainingsterrain (Moto) vun der Douane zu Angelsbierg ze kréien.
    An Zwëschenzäit haten de Marco an d'Suzie eng Entrevue mat dem Marc Hilgert vun der Direktioun vum Kichechef; ët gët eng Méiglechkeet den iwwerdeckte Parking vun hirem Geschäft op engem Sonndeg ze notzen.
    Och fir d'Präisiwwerreechung vun den Epreuves Jeunes kënnte mir den Agangsberäich vun hirem Geschäft notzen.
    De Marco an de Steve bleiwen a Kontakt mat dem Här Hilgert fir weider Detailer, och waat en eventuelle Sponsoring ugeet.